N°8377
Entrée le 10.10.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 10.10.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/10/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bannenzeg Sécherheet, Konsumenteschutz, Wirtschaft & Finanzen weiderzeleeden.**

Ëmmer méi heefeg kënnt et vir, dass Krimineller Websäiten erstellen, déi ausgesinn, wéi wann se vun engem Geschäft oder enger Bank wieren. Mat falschen E-Mailen oder SMSen, an deene behaapt gëtt, de Client misst dréngend seng Bank-Donnéeën aginn, ginn d'Leit op esou Websäite gelackelt a kréien do hier Zougangsdate geklaut. Per Web-Banking kënnen déi Kriminell dann op d'Konte vun de Betraffenen zougräifen a maachen se net seelen eidel.

D'Gesetz vum 10. November 2009 gesäit zwar vir, dass eng Bank hire Clienten d'Sue vun engem net-autoriséierte Payement muss zeréck iwwerweisen, mee dëst trefft awer nëmmen zou, wann de Client net duerch eegent Feelverhale selwer eng Matschold dréit.

Rezent waren och Clientë vum POST-Service Eboo betraff.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Utilisateuren si vum rezente Phishing-Versuch bei der POST betraff?
2. Wéi ee Gesamtmontant gouf geklaut?
3. Wäert d'Post de Betraffenen en Deel oder d'Gesamtheet vun de geklaute Suen zeréck ginn an eventuell gemaache Scholden net zeréck froen?
4. Ass d'Regierung der Meenung, dass d'Erafalen op eng Phishing-Mesure e perséinlecht Feelverhalen duerstellt, wat geméiss dem Gesetz vum 10. November 2009 dozou féiert, dass ee kee Remboursement ze gutt huet?

   Ass d'Regierung der Meenung, dass d'Konsumenten no der aktueller Gesetzgebung gutt genuch geschützt sinn am Fall vu Phishing?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten